N°7065
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

adr

Groupe parlementaire

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 672 / 2022
25 OCT. 2022
A traiter par:
Copie à:

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Duerch de Krich an der Ukrain an d'Sanktioune géint Russland ass domat ze rechnen, datt Lëtzebuerg dës Joer manner Liewensmëttel aus dësen zwee wichtegen Agrarstaate kann importéieren, ewéi dat bis ewell de Fall war.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Landwirtschaftsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi eis Gesamtliewensmëttelimporter aus de Joren 2020 an 2021 opgeschlësselt no Typ (Geméis, Friichten, Fleesch, Kären, Fudder fir Notzvéi asw.), Quantitéit an Hierkonftsland regruppéiert an an deem Zesummenhang preziséieren wéi eng Ännerungen vun der entspriechender Zesummesetzung sech scho fir 2022 erginn hunn a wéi eng weider Verännerungen fir 2023 projezéiert ginn?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit déi feelend Liewensmëttelimporter potenziell duerch zousätzlech national Produktivitéit kënne kompenséiert ginn a wéi eng Moossnamen hien an dem Sënn fir 2023 envisagéiert?
3) Kann den Här Minister matdeelen wéi wäit hien sech bei der Erschléissung vun neien Importmarchéen zu Bréissel an/oder op bilateralem Plang mat sengen EU-Homologen koordinéiert huet?
4) Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, zu wéi enge finanzielle Konditiounen dës Liewensmëttel importéiert ginn an ob dobäi méiglecherweis aner Länner präislech iwwerbuede goufen, déi net iwwert déi nämmlecht Kafkraaft verfügen? Falls jo, kann den Här Minister elaboréieren, wéi hien de Risiko aschätzt, datt déi geännert national an EU-Liewensmëttelimporter an Zukunft op anerer Plaz feelen wäerten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Minister fir Wirtschaft op d'parlamentaresch Fro n°7065 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

1) **Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi eis Gesamtliewensmëttelimporter aus de Joren 2020 an 2021 opgeschlësselt no Typ (Geméis, Friichten, Fleesch, Kären, Fudder fir Notzvéi asw.), Quantitéit an Hierkonftsland regruppéiert an an deem Zesummenhang präziséieren, wéi eng Ännerunge vun der entspriechender Zesummesetzung sech scho fir 2022 erginn hunn a wéi eng weider Verännerunge fir 2023 projezéiert ginn?**

Di disponibel Zuele fir Liewensmëttelimporter, opgeschlësselt pro Produktkategorie a pro Hierkonftsland, sinn an deenen zwou Tabellen duergestallt (Quell: Statec):

| Catégories de produits | valeurs en % | | | valeurs en 1000 € | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | 2020 | 2021 | 2022 | 2020 | 2021 | 2022 |
| Viandes | 3.23% | 3.40% | 3.63% | 70 025 | 80 008 | 76 598 |
| Poissons | 4.24% | 4.21% | 4.14% | 91 769 | 98 910 | 87 518 |
| Produits laitiers | 15.57% | 16.51% | 19.85% | 337 235 | 388 137 | 419 278 |
| Fruits et légumes | 14.72% | 13.27% | 11.67% | 318 843 | 311 915 | 246 759 |
| Café, thé, épices | 5.17% | 5.40% | 6.38% | 111 936 | 126 987 | 134 836 |
| Céréales, malt | 2.93% | 3.11% | 3.12% | 63 483 | 73 156 | 65 883 |
| Préparations alimentaires | 22.12% | 21.37% | 20.14% | 479 078 | 502 324 | 425 518 |
| Boissons | 19.74% | 20.79% | 20.24% | 427 546 | 488 591 | 427 713 |
| Autres | 12.28% | 11.94% | 10.83% | 349 643 | 366 682 | 427 713 |
| **TOTAL** | **100%** | **100%** | **100%** | **2 249 558** | **2 436 710** | **2 192 358** |

Bei de verschiddene Produktkategorie sinn d'Mëllechprodukter, d'Uebst an d'Geméis, di verschaffte Liewensmëttel an d'Gedrénks ons wichtegst Importer.

| Origine | valeurs en % | | | valeurs en 1000€ | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | 2020 | 2021 | 2022 | 2020 | 2021 | 2022 |
| Union Européenne | 83.49% | 85.30% | 86.90% | 1 878 109 | 2 078 615 | 1 905 268 |
| Pays tiers | 16.47% | 14.63% | 13.01% | 370 568 | 356 491 | 285 139 |
| Ukraine | 0.01% | 0.03% | 0.06% | 218 | 692 | 1 271 |
| Fédération de Russie | 0.03% | 0.04% | 0.03% | 663 | 912 | 680 |
| **TOTAL** | **100%** | **100%** | **100%** | **2 249 558** | **2 436 710** | **2 192 358** |

Betreffend d’Hierkonft kommen di wäitaus meeschte Liewensmëttelimporter aus der EU, an d’Importer aus den Drëttlänner maachen nëmme ronn 15 Prozent aus, mat enger Tendenz no ënnen. D’Date fir 2022 bezeien sech op di éischt 9 Méint. Fir 2023 kann een nach keng Viraussoe maachen.

2) **Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit déi feelend Liewensmëttelimporter potenziell duerch zousätzlech national Produktivitéit kënne kompenséiert ginn a wéi eng Moossnamen hien an dem Sënn fir 2023 envisagéiert?**

Mir ginn net dovunner aus, dass et an engem vun de Liewensmëttelsecteuren zu Enkpäss bei der Versuergung oder den Importer wäert kommen.

Des Weidere gesinn de nationale Strategieplang fir d’Landwirtschaft, deen 2023 a Kraaft trëtt, an dorobber opbauend dat neit Agrargesetz, verschidde gezielte Moossname vir, wou ons defizitär Secteuren, wei besonnesch den Uebst- a Geméisbau, solle weiderentwéckelt a gestäerkt ginn.

3) **Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit hien sech bei der Erschléissung vun neien Importmarchéen zu Bréissel an/oder op bilateralem Plang mat sengen EU-Homologe koordinéiert huet?**

Lëtzebuerg ass an den EU-Bannemaart agebonnen, wei di uewe gewise Statistiken dat ënnersträichen. Et ginn also keng spezifesch Importmäert fir Lëtzebuerg eleng, mee d’Importer aus Drëttlänner bedéngen de gesamten EU-Bannemaart.

Weiderhin handelt et sech beim Liewensmëttelimport em eng privatwirtschaftlech Aktivitéit, wou di europäesch a national Autoritéiten nëmmen de rechtleche Kader festleeën.

4) **Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, zu wéi enge finanzielle Konditiounen dës Liewensmëttel importéiert ginn, an ob dobäi méiglecherweis aner Länner präislech iwwerbuede goufen, déi net iwwert déi nämmlecht Kafkraaft verfügen? Falls jo, kann den Här Minister elaboréieren, wéi hien de Risiko aschätzt, datt déi geännert national an EU-Liewensmëttelimporter an Zukunft op anerer Plaz feele wäerten?**

Wéi an der Äntwert op déi viregt Fro erkläert, handelt et sech beim Liewensmëttelhandel em eng privatwirtschaftlech Aktivitéit. Dofir huet de Landwirtschaftsminister och keng Daten iwwert d’Präisverhandlungen oder –konditioune vun de Liewensmëttelimporten.

Di rezent Maartanalys vun der EU-Kommissioun geet dovunner aus, dass an der EU fir 2023 d’Liewensmëttelproduktioun wäert réckgängeg sinn, haaptsächlech wéinst deenen héijen Energiepräisser, mee dass och de Liewensmëttelkonsum an der EU wäert zeréckgoen, wéinst der allgemenger Präisinflatioun.

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen